N°1251
Entrée le 30.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Gemeinsam Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, vun der Ministesch fir Digitaliséierung, Stéphanie OBERTIN, a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex DELLES, op d'parlamentaresch Fro n° 1251 vum 30. September 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT.**

Dat europäescht Reglement iwwer kënschtlech Intelligenz (Reglement (EU) 2024/1689, AI Act genannt) ass den 1. August 2024 a Kraaft getrueden.

D'Reglement gesäit zwou Zorte vun Autoritéiten op nationalem Niveau vir: d'notifizéierend Autoritéiten an d'Maartiwwerwaachungsautoritéiten. Dës Autoritéite ginn zesummen als kompetent Autoritéite bezeechent.

D'Memberstaate mussen der Europäescher Kommissioun bis den 2. August 2025 d'notifizéierend Autoritéiten an d'Maartiwwerwaachungsautoritéite an deenen hir Aufgabe matdeelen.

Et ass virgesinn, d'Designatioun vun de kompetenten Autoritéiten duerch e Gesetz ze formaliséieren, fir déi néideg legal Basis fir d'Ausféiere vun hiren Aufgaben ze schafen an hinnen déi virgesinne Sanktiounsbefugnis ze ginn. Den Departement fir Medien, Connectivitéit an digitalen Agenda ass zoustänneg fir d'Ausschaffe vum Gesetzesvirschlag. All d'Ministèren, deenen hir Autoritéiten an d'Ëmsetzung vum Reglement involvéiert sinn, goufen an d'Aarbechten agebonnen. Konkret handelt et sech ëm de Finanzministère, de Justizministère, de Ministère fir Digitaliséierung, de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an de Wirtschaftsministère.

Et ass virgesinn, datt de Regierungsrot de Gesetzesvirschlag nach 2024 unhëlt. Dëst géif Lëtzebuerg warscheinlech zu engem vun den éischte Memberstaate maachen, déi e Gesetzesvirschlag fir d'Ëmsetzung vum KI Reglement deposéiert hunn.

D'Artikelen 28 a 74 vum KI Reglement gi präzis Richtlinne fir d'Designatioun vun de kompetenten Autoritéiten. D'Regierung huet vir, dës Richtlinnen an hirem Gesetzesvirschlag ze verfollegen. Déi sektoriell Kompetenze vun den Autoritéite wéi dem ILR an der CNPD gi respektéiert. Ausserdeem ass virgesinn, ee Kontaktpunkt ze nennen, fir de relevanten Interessegruppen een eenzege Gespréichspartner ze bidden. De Kontaktpunkt wäert och d'Koordinatioun tëschent den nationalen Autoritéiten an der Europäescher Kommissioun als Missioun hunn. D'Budgete vun de kompetenten Autoritéite ginn no den individuelle Besoine vun all eenzeler Autoritéit ugepasst.

Schonn éier d’KI Reglement a Kraaft getrueden ass, huet d'Europäesch Kommissioun ugefaangen, d’Aarbecht vum europäesche KI Gremium virzebereeden. Wéi all Memberstaaten ass Lëtzebuerg am Gremium vertrueden an hëlt aktiv un den Aarbechten deel. De Gremium huet sech fir d'éischte Kéier den 10. September 2024 zu Bréissel getraff.

Ausserdeem sinn eis Servicer a reegelméissegem Kontakt mam Bureau fir KI, dee bannent der DG Connect etabléiert ass. Hei sief bemierkt dass d’Eenheet A.1. vum Bureau fir KI (zoustänneg fir "Excellenz an der Kënschtlecher Intelligenz an der Robotik”) zu Lëtzebuerg baséiert ass.

Lëtzebuerg, den 29. Oktober 2024

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit
(s.) Elisabeth MARGUE